



» JoCaPi 2024

KOMPASS

23/24



Lëtzebuenger
Guiden a Scouten

» Invitatioun fir de Kongress/Chefdag 2024

» Finanzrapport

» Aktivitéitesrapport



lgs.lu

Inhalt

Virwuert	4
Invitatioun op de Kongress a Chefdag 2024	5
Verbandskongress 2024	5
Chefdag 2024	7
Aktivitéitsrapport 2023-2024	9
• Verbandscomité	10
• Finanzrapport	12
• De Bilan 2023.....	12
• Budget fir d'Joer 2025.....	18
• Formatiounsekipp	20
• Programmekipp	21
• PR Ekipp	21
• Ekipp Native Village (Programm)	22
• Ekipp Animatioun Spirituell	25
• Biber Ekipp	27
• Wëllefchers-Ekipp	28
• Avex Ekipp	29
• CaraPio Ekipp	30
• Gruppenekipp	31
• International Ekipp	32
• Aarbechtsgruppen	34
• AG Nohaltegkeet	34
• AG Archiven & Recherche.....	35
• AG Safe from Harm.....	36
• Verbandsrot	37

Wann s du op en Titel mat engem » klicks,
spréngt et an der Billergalerie op dat entspriechend Bild.

lalux⁺
ASSURANCES



OUNI STRESS STUDÉIEREN!

D' Première ass an der Täsch, an elo? Fir dass Dir an aller Rou Äert Studium oder Är Léier absolvéiere kënnt, huet LALUX en eenzegaartege Versécherungspackage entwéckelt, deen Äre Besoinen entsprécht.

ENG KOMPLETT OFSÉCHERUNG FIR ÄERT STUDIUM ODER ÄR LÉIER

Säin Doheem ze verloosse fir an d'Ausland studéieren ze goen, kann eng grouss Erausfuorderung sinn. No der éischer Euphorie iwwer de gepackte Premièresexamen ass et un der Zäit fir akkurat ze plangen: den definitive Choix vun der Uni treffen, d'Kueren eraussichen, eng Wunneng fannen, nei Frëndschaften an engem internationalen Ëmfeld schléissen. Dobäi kënnt och nach d'Gestioun vum alldeegleche Liewen: den Haushalt maachen, Rechnunge bezuelen, Problemer mat der Internetverbindung léisen...

Dësen neie Liewensofschnëtt ass enorm spannend a fir dësen a vollen Zich ze genéissen, ass et wichteg alles gutt z'organiséieren, fir eventuell Iwwerraschungen am Zesammenhang mat Finanzen, der Wunneng oder der Gesondheet z'évitéieren. Mat easyPROTECT Discover schaaft LALUX Sécherheet fir d' Studenten an hir Elteren.

KENG ONERWAARTEN IWWERRASCHUNGEN

Dacks ass ee sech dem Oflaf vun den administrative Prozeduren am Studieland net bewosst. Wat maachen, wann Dir op eemol d' Zänn wéi hut, krank gitt oder eng onerwaart Verletzung erleit? Wéi bezilt een déi noutwenneg medezinesch Consultatiounen, Medikamente oder esou guer e Spidolso-penthalt? Oder wat geschitt, wann de Laptop op deem Dir Är Ofschlossaarbecht schreift de Geescht opgëtt, nodeems Dir de batter néidege Kaffi driwwer ausgeschott hutt? Wéi sollt Dir virgoen, wann Dir Äre Smartphone geklaut kritt?

easyPROTECT Discover ass eng Versécherungsléisung, déi speziell fir Studenten, Léierbouwen a -meedercher ënner 27 Joer, déi egal wou an Europa studéieren, entwéckelt gouf. De Basisschutz ëmfaasst dobäi déi privat Haftpflicht, de Schutz vun der Wunneng géint Waasser- a Feierschied, Glasbroch a Schied un de Miwwelen. Esou eng Ofdeckung ass a ville Länner obligatoresch, wann Dir eng Wunneng oder en Zëmmer loune wëllt.

Méi Informatiounen a Präissimulatioun fir [easyPROTECT Discover](#).

ENG KOMPLETT INTERNATIONAL OFSÉCHERUNG

Zu der genannter Basisgarantie kënnen och nach aner optional Schutzmoossnamen ofgeschloss ginn. Dozou gehéiert déi weltwäit Ofsécherung vun Ären informatesch Geräter (Laptop, Smartphone etc.) viru Broch an Déifstall. Eng zousätzlech medezinesch Ofsécherung kann an deene Länner sënnvoll sinn, an deenen déi gesetzlech Krankeversécherung nëmmen en Deel vun der medezinescher Versuergung oder Zännoktere rembourséiert. Eng schwéier Erkrankung oder den Doud vum Student oder engem vun den Eltere kann zu engem fréizäitegen Ofbroch vum Studium féieren. An dësem Fall kënnen d'Aschreiwungskäschte rembourséiert ginn. Och ginn an engem Noutfall d'Reckféierungskäschte vun easyPROTECT Discover iwwerholl. Wann d'Eltere scho LALUX-Client sinn, da kritt Dir op de komplette Versécherungspackage interessant Reduktiounen.

Wann de Student d'Chance op en Auslandssemester op engem anere Kontinent maache kann, kann d'IT- an d'Krankeversécherung fir e limitéierten Zäitraum och op ausserhalb vun Europa erweidert ginn.

easyPROTECT Discover gëtt et zënter 2017. Et ass déi éischt a eenzeg Komplettléisung zu Lëtzebuerg fir Studenten, Léierbouwen a Léiermeedercher.



Angélique KRIER a Marc WEIS
Commissaires généraux

D'Guide- Scoutsjoer 2023-2024 war vollgepaakt mat sëllegen Aktivitéiten, wou déi Jonk vill flott Momenter konnten erliewen an och d'Méiglechkeet kruten sech perséinlech an an der Grupp weider ze entwéckelen. Et ass flott ze gesinn, dass ëmmer méi Guiden a Scouten un de Verbandsaktivitéiten deelhuefen a vun der Offer profitéieren. Dëst gëtt eise Verbandsekippen an eisem SAFAB d'Bestätigung, dass dat wat si ubidde richteg ass. Hinnen duerfir een décke Merci.

Mee net nëmmen op nationalem Plang wibbelt et. Och eis Gruppe sinn aktiv a mir sinn ëmmer erëm iwwerrascht, mat wat fir enger Energie a Kreativitéit eise Cheftainen a Chef hiert Engagement liewen.

Iech all, Cheftaine a Chef, Mataarbechte, Kachekippen, an nach vill aner Hänn, MERCI. Dir erméiglecht mat ärem Engagement, dass Dausende vu Kanner a Jonker kënnen onvergesslech Moment erliewen.

Net nëmme bei eisen Aktivitéite mierke mer, dass d'Lëtzebuerger Guiden a Scouten nach ëmmer am Opschwung sinn. Och eis Formatiounen si gutt besicht. Wéinst der grousser Unzuel vu Kandidaten fir eise STAP, hu mir misse kuerzfristeg vu Bilschdref an de Mariendall plënnere.

Da si mer frou, dass d'Renovatiounsaarbechten an der Géisserei konnten ulafen. Et ass e risege Chantier, mee mir sinn zouversechlech, dass d'Aarbechte spéitstens Enn

vun dësem Joer ofgeschloss kënnen ginn, fir dass erëm an nach méi engem schéinen a funktionelle Kader ka geschafft ginn.

Och d'Aarbechten um Daach vum Keltenhaus fänken Enn vum Summer un. Déi meescht vun eise Guiden a Scoute verbanne flott Erënnerunge mat dëser Plaz, hu vill Stonnen hei verbruecht, hunn um Projet matgeholfen oder un Aktivitéiten deelgeholl. Et ass eis wichteg, dass dës aussergewöhnlech Plaz erhale bleift an och nach iwwert déi nächst Jore vill Aktivitéiten hei kënnen stattfannen.

Mat dësem Kongress a Chefdag lancéiere mir erëm ee gutt gefüllten an aktiivt Guiden a Scoutsjoer.

Zwee Momenter wëlle mir hei besonnesch ervirhiewen. Mat der Grënnung vun eiser Verbands-ASBL wäerte mir eis dëst Joer endlech dee juristesche Kader ginn, dee mir brauche fir an Zukunft kënnen weider ze funktionéieren. Den Héichpunkt fir vill Guiden a Scoute wäert dann awer den nationale Wëllefcherscamp zu Stroossen sinn. D'Virbereedunge lafen op Héichtouren an dëse Camp gëtt bestëmmt en onvergesslecht Erlefnis fir vill Wëllefcher.

Iech all nach e schéine Schluss vum Summer. Mir freeën eis, fir iech um Kongress an um Chefdag ze begéinen.



Invitatioun op de Kongress a Chefdag 2024

Léif Guiden a Scouten, Léif Cheftainen a Chef,

Am September ass et souwäit de Kongress esou wéi de Chefdag fannen, eng éischte Kéier, hire Wee bei den Eschduerfer Grupp.

D'Eschduerfer Guiden a Scoute sinn houfreg dës Eventer organiséieren ze dierfen an hir Frënn aus den anere Gruppen an der Regioun vum Stauséi kënnen ze begréissen!

Well mir wëssen, dass de Wee bis an de Norde fir vill vun iech e wäiten ass, hu mir eis dëst Joer eng nei Formule iwwerluecht. Dir krit nämlech d'Méiglechkeet och bei eis ze iwwernuechten! Mee alles der Rei no.



VERBANDSKONGRESS 2024

21. SEPTEMBER 2024

Lass geet et samschdes den 21.09. mam Kongress an der Sportshal zu Heischent (Adress: 7, Schoulstrooss L-9158 Heiderscheid)

UMELDUNG

D'Umeldung fir de Kongress a Chefdag ass individuell, dat heescht: all Chef/taine muss sech selwer umellen. D'Umeldung geet iwwer den Online-Formulaire, deen s du an der Chebox fënns: chefbox.lgs.lu/desk/chefdag-kongress-umeldung/

Programm vum Kongress

- 16h00 - Aschreiwung, Afterwork
- 17h00 - Diskussionsronnen
No den Diskussionsronnen Afterwork
- 19h00 - Kongress
Nom Kongress Pré-Chefdag beim Camping Fuussekaul

Ordre du jour vum Kongress

1.	Begréissung duerch d'Team
2.	Bestëmmen vum Kongresspresident / Stëmmzielerten
3.	Opmaache vum Kongress, Consignen
4.	Gedenkminutt
5.	Riede vun den Éieregäscht
6.	Aktivitéitsrapport vum Verband 2023-2024 <i>Presentatioun, Fro an Äntwert, Ofstëmmung</i>
7.	Finanzrapport 2023 <i>Presentatioun, Fro an Äntwert, Ofstëmmung</i>
8.	Budget a Kotisatioun 2024-2025 <i>Presentatioun, Fro an Äntwert, Ofstëmmung</i>
9.	„Komm mir grënnen eng ASBL“ <i>Presentatioun Projet ASBL Verband</i>
10.	Resolutiounen & Suivi
11.	Open session
12.	Auszechnung, Remerciementen
13.	Ausbléck Guiden- a Scoutsjoer 2024-2025
14.	Schluss

PROCURATIOUN

Wann een um Kongress net deelhuele kann, kann een engem/er anere/r Chef/taine seng Prokuratioun ginn. Mat der Prokuratioun kann een den uerdentleche Programm vum Kongress mat ofstëmmen.

De Formulaire fir d'Procuratioun fënns du an der Chefbox:

chefbox.lgs.lu/desk/demande-fir-eng-procuratioun

TRANSPORT

Wéi kommt dir an d'Fuussekaul? Wien den öffentlechen Transport Notze wëll fir op de Kongress a Chefdag ze kommen, kritt vun der Ettelbrécker Gare aus regelméisseg een direkte Bus an d'Fuussekaul. Fir déi, déi mam Auto wëlle kommen, steet e Parking an der Fuissekaul an zu Heischent bei der Sportshal zur Verfügung. Mir géingen iech hei awer bieden esou vill wéi méiglech op Covoiturage ze setzen!



[Buslinn 130](#)



[Buslinn 131](#)

PRÉ-CHEFDAG

Nom Kongress invitéieren d'Eschduerfer Guiden a Scouten iech dann an d'Fuussekaul op de Pré-Chefdag! Mat Livemusek um Piano a selwer gebrautem Béier brénge mir de Café des artistes erop an de Norden! Freet iech op e flotten Owend a profitéiert dovun den Auto kënnen stoen ze loossen.



IWWERNUECHTEN

An der Fuissekaul hutt dir dann och d'Méiglechkeet ze iwernuechten! Ob an ärem eegenen Zelt, an de Glampingzelter oder souguer am Mobilhome ass iech dobäi ganz iwerlooss.

Wien säin eegent Zelt matbréngt, kann sech ganz einfach umelle per Mail un anna@fuissekaul.lu. De Präis fir eng Nuecht ass **15€**.

Wien e bësse méi confortabel schlofe wëll, kann sech ganz einfach iwuer den Internetsite vun der Fuissekaul eng Schlofplaz buchen. Mat engem kuerze Message duerno un anna@fuissekaul.lu an dem Vermierk „Chefdag 2024“ kuckt d'Ekipp aus der Fuissekaul dann och, dass dir no beim Site vum Chefdag ënnerbruecht gitt.

Äert Zelt kënt dir natierlech och scho samschdes virum Kongress opriichte kommen!



PRÉ CHEFDAG

AN DER FUUSSEKAUL

| NOM KONGRESS

MAT LIVE MUSEK



Mir brénge den Café des artistes erop an de Norden a invitéieren iech op e flotten Owend mat Live Musek a selwer gebrautem Béier!

4, Fuissekaul L-9156 Heiderscheid

CHEFDAG 2024

22. SEPTEMBER 2024

Um selwechte Site (4, Fuussekaul L-9156 Heiderscheid) invitéiert de Verbandsgrupp da sonndes, den 22.09. op de Chefdag.



UMELDUNG

D'Umeldung fir de Kongress a Chefdag ass individuell, dat heescht: all Chef/taine muss sech selwer umellen. D'Umeldung geet iwwer den Online-Formulair.

Bei dëser Umeldung kënnst dir iech dann och scho fir de Menü umellen. [Umeldung Kongress/Chefdag](#)

Umeldung mat lessen ass bis de 16.09. méiglech.

Achreiwung op der Plaz - Checkpoint

Fir de Kongress a Chefdag kriss du ee Paddel! Bréng dofir deng Chefkaart mat. D'Chefkaart fënns du an der LGS-App an dengem Account ënner Dashboard/meng Chefkaart.

Wann s du kee Smartphone hues, kanns du d'Kaart printen an esou mathuelen.

CATERING

Den Eschduerfer Grupp bitt iech e Menü a Form vun engem Tri de pâtes un. Alternativ gëtt et och de ganzen Dag Gegrills.

Den Tri de pâtes besteet aus: Penne Arrabiata, Tagliatelle al limone an Ravioli Spinat Feta, an ass och eenzel oder als Duo méiglech.

De Präis pro Menu ass: 15€

Mir bieden iech bei der Umeldung unzeginn, ob der wëllt vum Menü profitéieren an dës och schonn ze bestellen. Bei dësem Formulaire kënnst dir och dobäischreiw wann dir eng Allergie hutt. **D'lesse gëtt op der Plaz bezuelt.**

Umeldung mat lessen ass bis de 16.09. méiglech.



PROGRAMM

Vun 10 Auer u leeft zu all voller Stonn eng Hellewull un Atelieren. Déi daueren all Kéier eng gutt Dräivéirelstonn, sou dass duerno eng kleng Paus ass an du dech op de Wee fir den nächsten Atelier kanns maachen.

- **08h30:** Achreiwung; Kaffee a Croissant
- **09h15:** Ufank Chefdag am Plenum mat Begreissung, Infoen, Animatioun
- **10h00 - 16h00:** Brancheversammlungen a Workshops. Bei all Tour ginn ënnerschiddlech Atelieren ugebueden. Jee no Workshop kënnen 10 bis 20 Leit deelhuefen.

Kuerz virum Chefdag kriss du de geneeën Horaire a kanns dir däi Menu du jour da méi genee zesummesetzen. Du muss dech net fir d'Atelieren umellen. Et besteet awer d'Méiglechkeet sech eng Plaz zu engem gewësse Moment an engem bestëmmte Workshop ze réservieren: einfach um Chefdag selwer sech um Stand fir eng gewëssen Auerzäit achreiwung.

Well d'Aktivitéite vum Chefdag haaptsächlech dobaussen ofgehal ginn, dot iech wgl. dem Wieder entspreichend un a bréngt äre Stull mat.





Aktiviteitsrapport 2023-2024

Verbandscomité

Mam Kongress a Chefdag si mir an dat neit Guide-Scoutsjoer gestart. Vill Cheftainen a Chef hunn de Wee op de Kiem fonnt. Mir konnte mat Freed feststellen, dass ëmmer méi Jonker un dësem Weekend deelhuelen an och aktiv bei den Diskussionsronnen, Atelieren a Workshope matschaffen. Mir hoffen, dass dësen Trend weider geet an ëmmer méi Jonker vun dësem Moment profitéiere fir matzeschwätzen an sech ze begéinen.

De Comité huet sech mat de Resolutiounen vum Kongress beschäftegt. Den Aarbechtsgrupp "Denk Mat" ass an d'Liewe geruff ginn a konnt um STAP eng éischt Sessioun animéieren an Denkestéiss ginn. Dem Gamma-Grupp geet et net gutt. Nach ëmmer si Kanner do, mee et feelt u Cheftainen a Chef. Mir hu probéiert hinnen déi néideg Visibilitéit ze ginn, fir villäicht deen een oder aneren Erwuessenen ze iwwerzeegen, matzemaachen.

Mir wëllen eis besteeënd Aarbechtsgruppen awer net vergiessen, well och si hunn dëst Guiden- Scoutsjoer fläisseg weidergeschafft. Den Aarbechtsgrupp Nohaltegkeet huet och dëst Joer seng Spueren hannerlooss an huet sech fest am Verband etabléiert.



Eisen Aarbechtsgrupp Archiven a Recherche ass och nach ëmmer gutt ënnerwee a wiisst weider. No bal 2 Joer konsequenter Aarbecht, gesäit een, wéi wichteg et ass, fir Uerdnung an eis Archiven ze kréien an se accessibel ze maachen. De Grupp vun der Recherche ass eng nei Erausforderung agaangen. Hei geet et drëms, fréier Commissairen a Perséinlechkeeten, déi an der Vergaangenheet eist Mouvement gepräägt hunn ze interviewen an hir Geschichten ze erhalen.

No den ASBL-Statute fir Gruppen, huet dësen Aarbechtsgrupp dem juristesche Kader fir de Verband uegholl. Wat hei virgesinn ass, wäert dir an den nächste Wochen an um Kongress gewuer ginn.

No der Evaluatioun vun der Safe from Harm Policy an hire Prozesser, musse mer weider no de Virgabe vu WOSM un der Entwécklung an un der Implementatioun an eis Programmer schaffen. Mir sinn hei um richtege Wee a komme gutt virun.



Eise Grupp Scouts for Refugees bitt weiderhin Aktivitéiten un. Wéinst de Renovatiounsarbechten an der Géisserei, sinn si lo op anere Plazen ënnerwee an organiséieren och Aktivitéite mat eise lokale Gruppen. Dëst ass de richtege Wee an hir Aktivitéite fannen nach ëmmer groussen Zoulaf.



Am Kader vun der Reform vun eiser Formatioun gouf dëst Joer eng Ëmfro lancéiert bei där méi ewéi 500 Leit matgemaach hunn. Des Ëmfro ass an Tëschenzäit och ausgewäert a verschidde Prioritéite goufe festgелеcht, op deenen elo ka weidergeschafft ginn. D'Zil ass

et, eise Cheftainen a Chef, déi mat de Jonke schaffen, den néidege Bagage mat op de Wee ze ginn, fir hirer Aufgab gerecht ze ginn. Schéi war ze gesinn, dass de STAP dëst Joer gutt besicht war an d'Lëtzebuerger Guiden a Scouten erëm vill jonk Cheftainen a Chef hunn, déi de Kanner a Jonken an Zukunft flott Momenter bei de Guiden a Scoute wäerte schafen.



Scouting in Luxembourg hat dëst Joer seng léif Méi mam Wieder. Ganzer zwee Mol wollte mir dem Prënz François e Bam planzen, wat leider all Kéier duerch di schlecht Wiederkonditiounen huet missen ofgesot ginn. Am Kader vum SIL gëtt aktuell och un engem "How to Jamboree" geschafft deen et eisen zukünftegen HOC'e soll mei einfach maache fir d'Virbereedunge vun esou engem Evenement unzegoen.

Well mir gemierkt hunn, datt d'Demarchë beim Ëmweltministère nach ëmmer schwierig sinn, hu mir am Numm vum SIL eng Entrevue beim Minister Serge Wilmes ugefrot. Et koom zu engem flotten Austausch mam Minister a senger Ekipp. Si hunn sech eis Doleancen unhéieren a mir schaffen zesummen, fir d'Prozeduren an Zukunft endlech vereinfachen ze kënnen.

Wéi dir et scho bestëmmt konnt liesen, kritt eise Chefscout de Bronze Wollef iwwerrecht. Dëst ass déi héchsten Auszeechnung am Weltscoutissem. An dësem Kader huet hien de Jéiss Loos begéint, deen eenzege Lëtzebuerger, dee momentan dës Auszeechnung huet. Zesumme mam Prënz Guillaume hu mir decidéiert fir dës Iwwerreechung hei zu Lëtzebuerg ze organiséieren an net bei engem Evenement vu WOSM. Dat gëtt erëm e Moment, wou mir zesumme mat eise Frënn vun der FNEL kënnen feieren. Iwwerhaupt si mir frou iwwert d'Engagement vun eisem Chefscout. Mir hu reegelméisseg d'Geleeënheet fir eis mat him auszetauschen an hie freet sech ëmmer erëm, fir eis op déi eng oder aner Aktivitéit besichen ze kommen. Dëst Joer huet hien

un der Journée CaraPio deelgeholl a war sech net ze schued, fir selwer an d'Beem eropzeklammern a Punkten ze sammelen.



Eis Educateure vum SAFAB hunn sech am Laf vum Joer nei opgestallt, fir méi kloer a méi geziilt kënnen un de sëllege Projet ze schaffen. Och ass d'Roxane bei d'Ekipp gestouss. Hatt wäert sech zesumme mat der Gruppenekipp der Entwécklung vun eise lokale Gruppen unhuelen. Si all maachen eng wichteg Aarbecht a bidden d'ganzt Joer wäertvoll Aktivitéiten un, déi eise Guiden a Scouten zeguttkommen. Déi lescht war elo an der Sommervakanz de Wëllefcherscamp um Neihaischen mat 4 Ruddelen.

D'Wëllefcherscheftainen a Cheffen aus dem Süden hunn sech e Beispill un de CaraPio geholl an eng Regionalekipp gegrënnt. Mat engem Rallye zu Diddeleng hunn si hir Initiativ lancéiert. Als Comité ënnerstëtze mir d'Engagement vun eise motivéierte Cheftainen a Cheffen .

Méi Aktivitéiten, méi Guiden a Scouten, heescht och méi Aarbecht fir eist administratiivt Personal aus der Géisserei. Si maache weiderhin hiert Bescht, fir eis Benevole an hirem Engagement ze begleeden.

Dat vergaangent Guiden- a Scoutsjoer hu mir bewisen, dass mir allegueren eist Engagement eescht huelen an net zécken, nei Weeër ze goen, fir den Ufuerderunge vun de Jonken an der Gesellschaft gerecht ze ginn. Mir Guiden a Scouten engagéieren eis benevole, an dat ass net onbedéngt selbstverständlech. Merci jidderengem, deen dëse Wee matgaangen ass.



Finanzrapport

De Bilan 2023

Eist Joer 2023 war programmatesch kloer gepräägt vun zwee nationale Campen: den Nanoq'23 vun de Biber un Sennenger Bierg an den Terraviva vun den Avex zu Ettelbréck. Allerdéngs si fir déi zwee Campen nach Transaktiounen am Joer 2024 ugefall; dofir gouf de finanzielle Bilan vun deenen zwee op 2024 reportéiert. Den Z'AM22 fanne mer awer elo an dësem Bilan erëm, well deen elo ofgeschloss ass.

A nawell war 2023 finanziell gesinn e remarkabelt Joer. Mir hunn nämlech en exzellent Resultat gemaach vun 53 000 €. Dëse grouss Plus kann een duerch eng Rei Faktoren erklären.

Laangfristeg Faktoren:

- Déi gläichzäiteg Hausse vun eiser Cotisatioun em 2 € a vun eise Membroszuelen huet eis e Plus vun 12 000 € par Rapport zu deenen anere Joer erabruucht.
- Duerch de Rapprochement vun der Formatiounsparticipatioun un de Montant dee vum SNJ rembourséiert konnten d'Recetten erhéicht ginn. Fir de STIP waren dat elo 2 500 €, wieren awer nach méi gewiescht wann e STAP stattfonnt hätt.

Punktuell Faktoren:

- An de Beräicher PR & International si manner Käschten ugefall (zweemol plus ou moins 5 000 € manner).
- An der Formatioun si manner Ausgaben ugefall, vu datt 2023 keen STAP stattfonnt huet.
- Déi héich Zënsen hunn eis 5 200 € iwwert eise Spuerkonten erabruucht

Och war verschiddene vun dëse Faktore spezifesch ware fir dat Joer, gesäit een datt d'Mesuren, fir d'Finanze vum Verband ze stabiliséiere, gräifen. Dës zousätzlech finanziell Moyene notze mer, fir an de Programm, d'Formatioun, de Wuesstem, Kommunikatioun, Material, de Verband, de Support un eis Gruppen an allgemeng an de Scoutismus z'investéieren.

Obwuel déi sanitär Krise keen direkten Impakt méi hat, sinn d'Collecten fir de Finanzement vum nigeresche Scoutsverband net duergaangen a mir hunn erëm missten en Deel aus der Reserve bäisteiere fir op déi 18 000 € ze kommen. Mëttelefristeg muss hei iwwert nei Weeër nogeduecht ginn, well eis Reserve geet op en Enn.

Fir de Rescht vun de Beräicher war et e méi klasescht Joer, mat änlechen Depense a Recette wéi gewinnt.



BILAN au 31.12.2022 et au 31.12.2023

ACTIF	31.12.2022	31.12.2023
<ul style="list-style-type: none"> • Actif immobilisé (2) 	20.882,55	12.158,54
<ul style="list-style-type: none"> • Immobilisations corporelles 		
<ul style="list-style-type: none"> - Installations techniques et machines 	472,03	246,35
<ul style="list-style-type: none"> - Autres installations, outillage et mobilier 	20.410,52	11.912,19
<ul style="list-style-type: none"> • Actif circulant (4+5) 	700.564,38	678.756,16
<ul style="list-style-type: none"> • Créances (401) 		
<ul style="list-style-type: none"> - Créances résultant de ventes et prestations de services dont la durée résiduelle est inférieure ou égale à un an 	1.050,00	7.060,00
<ul style="list-style-type: none"> • Avoirs en banques, en chèques et en caisse (51) 	699.514,38	671.696,16
<ul style="list-style-type: none"> - Comptes courants de la Fédération (Général, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, IC, Formation, Friddenslicht) 	450.139,23	136.319,87
<ul style="list-style-type: none"> - Compte Epargne 	112.935,29	18.178,44
<ul style="list-style-type: none"> - Compte courant Equipe Native Village 	51.420,11	69.022,78
<ul style="list-style-type: none"> - Compte courant World Scout Jamboree 	5.691,10	62.194,63
<ul style="list-style-type: none"> - Comptes courants Camps fédéraux (Zam'22; Nanoq'23, Terraviva'23) 	19.596,73	27.521,42
<ul style="list-style-type: none"> - Comptes courants Projets Odyssées (Compte commun, Bolivie, Géorgie, Sénégal) 	59.731,92	58.459,02
<ul style="list-style-type: none"> • Comptes de régularisation (481) 	408.923,33	2.095,23
TOTAL ACTIF	1.130.370,26	693.009,93

BILAN au 31.12.2022 et au 31.12.2023

PASSIF	31.12.2022	31.12.2023
• Capitaux propres (1)	502.632,67	562.081,76
• Capital souscrit (108)	122.774,13	122.774,13
• Réserves et fonds dédiés (137)	227.447,11	233.553,82
- Fédération - Activités nationales	63.436,90	63.436,90
- Fédération - Camps fédéraux	23.408,58	27.178,65
- Fédération - LGS Warehouse	11.549,46	11.549,46
- Projet Coopération Scouts du Niger	7.900,52	6.401,04
- Projet Native Village	63.584,16	69.071,24
- Projets Odyssées (Odyssées Communs, Bolivie, Géorgie, Sénégal)	56.156,53	55.916,53
- Jamboree	1.410,96	-
• Résultats reportés (141)	135.552,79	152.411,43
• Résultat de l'exercice (142)	16.858,64	53.342,38
• Dettes non subordonnées (44)	18.686,58	20.516,73
- Dettes sur achats et prestations de services dont la durée résiduelle est inférieure ou égale à un an	18.686,58	20.216,73
- Autres dettes dont la durée résiduelle est inférieure ou égale à un an	-	300,00
• Comptes de régularisation (482)	609.051,01	110.411,44
TOTAL PASSIF	1.130.370,26	693.009,93

Comptes de profits et pertes au 31.12.2022 et au 31.12.2023

CHARGES	31.12.2022	31.12.2023
<ul style="list-style-type: none"> • Consommation de marchandises et de matières premières et consommables (60) 	160.707,34	
<ul style="list-style-type: none"> - alimentation, produits hygiène et entretien, matériel (consommable, durable, formation, revente), carburants... 		140.786,61
<ul style="list-style-type: none"> - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) 	36.345,03	43.927,01
<ul style="list-style-type: none"> - Native Village 	83.177,37	35.510,07
<ul style="list-style-type: none"> - Camps Fédéraux (Zam'22) 	-	56.045,35
<ul style="list-style-type: none"> - Friddenslicht 	4.710,09	5.304,18
<ul style="list-style-type: none"> - Projets Odysées (Odysées Communs, Bolivie, Géorgie, Sénégal) 	36.474,85	-
<ul style="list-style-type: none"> • Charges externes (61) 	292.361,03	
<ul style="list-style-type: none"> - entretien, transport/voyage, loations, marketing, honoraires/gages, dons, assurances, frais site lgs.lu, frais bancaires... 		215.137,48
<ul style="list-style-type: none"> - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) 	102.870,82	63.916,93
<ul style="list-style-type: none"> - Native Village 	89.959,76	25.425,25
<ul style="list-style-type: none"> - Camps Fédéraux (Zam'22) 	-	118.147,60
<ul style="list-style-type: none"> - Friddenslicht 	4.603,83	4.801,42
<ul style="list-style-type: none"> - Projets Odysées (Odysées Communs, Bolivie, Géorgie, Sénégal) 	94.926,62	240,00
<ul style="list-style-type: none"> - Jamboree Corée du Sud 2023 	-	2.606,28
<ul style="list-style-type: none"> • Corrections de valeur sur frais d'établissement (63) 	14.775,62	
<ul style="list-style-type: none"> - amortissements matériel, véhicules... 		8.724,01
<ul style="list-style-type: none"> - Fédération Frais Généraux (matériel fédéral) 	2.974,63	2.463,58
<ul style="list-style-type: none"> - Public Relation (bics, sets cartes) 	817,99	-
<ul style="list-style-type: none"> - Native Village (matériel fédéral site Native Village à Neuhaeusgen) 	8.495,50	5.772,93
<ul style="list-style-type: none"> - CaraPio (badges IronScout) 	487,50	487,50

Comptes de profits et pertes au 31.12.2022 et au 31.12.2023

<ul style="list-style-type: none"> • Charges d'exploitation (64) 	80.976,00	35.350,48
<ul style="list-style-type: none"> - licences informatiques, txes véhicules, subventions, mise en fonds dédiés/réerves... 		
<ul style="list-style-type: none"> - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) 	2.605,76	8.028,35
<ul style="list-style-type: none"> - Native Village 	11.628,33	5.571,08
<ul style="list-style-type: none"> - Camps Fédéraux (Zam'22) 	-	3.751,05
<ul style="list-style-type: none"> - Coopération Scouts du Niger 	18.000,00	18.000,00
<ul style="list-style-type: none"> - Projets Odysées (Odysées Communs, Bolivie, Géorgie, Sénégal) 	48.741,91	-
<ul style="list-style-type: none"> • Charges exceptionnelles (66) 	61.168,56	31.086,00
<ul style="list-style-type: none"> - accessoires informatiques, fonds de caisses, redressements, remboursements... 		
<ul style="list-style-type: none"> - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) 	1.195,00	1.719,00
<ul style="list-style-type: none"> - Native Village 	910,00	43,00
<ul style="list-style-type: none"> - Camps Fédéraux (Zam'22) 	7.018,56	29.324,00
<ul style="list-style-type: none"> - Projets Odysées (Odysées Communs, Bolivie, Géorgie, Sénégal) 	52.045,00	-
<ul style="list-style-type: none"> • Profit de l'exercice 	16.858,64	53.342,38
TOTAL CHARGES	626.847,19	484.426,96

Comptes de profits et pertes au 31.12.2022 et au 31.12.2023

PRODUITS	31.12.2022	31.12.2023
<ul style="list-style-type: none"> • Montant net du chiffre d'affaires (70) - accessoires informatiques, fonds de caisses, redressements, remboursements... - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) - Native Village - Camps Fédéraux (Zam'22) - Coopération Scouts du Niger - Friddenslicht - Projets Odyssees (Odyssees Communs, Bolivie, Géorgie, Sénégal) 	<p>474.119,35</p> <p>135.970,58</p> <p>153.920,96</p> <p>-</p> <p>13.763,51</p> <p>9.313,92</p> <p>161.150,38</p>	<p>416.292,57</p> <p>135.042,12</p> <p>47.322,33</p> <p>207.268,00</p> <p>16.500,52</p> <p>10.159,60</p> <p>-</p>
<ul style="list-style-type: none"> • Produits d'exploitation (74) - subventions, sponsoring, reprises sur fonds dédiés/réserves... - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) - Native Village - Coopération Scouts du Niger - Projets Odyssees (Odyssees Communs, Bolivie, Géorgie, Sénégal) 	<p>141.084,49</p> <p>29.500,00</p> <p>40.250,00</p> <p>4.236,49</p> <p>67.098,00</p>	<p>56.389,48</p> <p>29.650,00</p> <p>25.000,00</p> <p>1.499,48</p> <p>240,00</p>
<ul style="list-style-type: none"> • Produits financiers (75) - intérêts sur compte courants, épargne, produits financiers divers... - Fédération (Frais généraux, compte épargne) 	<p>184,79</p> <p>184,79</p>	<p>5.253,15</p> <p>5.253,15</p>
<ul style="list-style-type: none"> • Produits exceptionnels (76) - remboursements reçus, notes de crédits, remises... - Fédération (Frais généraux, Biber, Wëllef, Avex, Carapio, Raro, Formation, GC, IC, PR, Prêts, EAS) - Camps Fédéraux (Zam'22, Nanoq'23, Terraviva'23) - Projets Odyssees (Odyssees Communs, Bolivie, Géorgie, Sénégal) - Jamboree Corée du Sud 2023 	<p>11.458,56</p> <p>500,00</p> <p>7.018,56</p> <p>3.940,00</p> <p>-</p>	<p>6.491,76</p> <p>3.885,48</p> <p>-</p> <p>-</p> <p>2.606,28</p>
TOTAL PRODUITS	626.847,19	484.426,96

Budget fir d'Joer 2025

Beräich	Posten	Dépenses	Recettes
Formatioun	Formatioun	€50,000.00	€35,000.00
Formatioun Total		€50,000.00	€35,000.00
Programm	Programm	€44,550.00	€29,550.00
Programm Total		€44,550.00	€29,550.00
Projet	CaraPio-Camp	€10,000.00	€10,000.00
	Friddenlicht	€10,000.00	€16,000.00
	Native Village	€90,000.00	€90,000.00
	Niger	€18,000.00	€12,000.00
	Wëllefcherscamp	€400,000.00	€400,000.00
Projet Total		€528,000.00	€528,000.00
Support	Assurancen	€5,000.00	€5,000.00
	Comité	€2,500.00	€0.00
	Finanzen	0	€5,000.00
	Fonctionnement	€10,000.00	€3,000.00
	Fond de croissance	€2,500.00	0
	International	€11,000.00	€0.00
	IT	€19,000.00	€0.00
	Kongress	€1,000.00	€0.00
	Kotisatioun	€9,500.00	€85,000.00
	Material	€10,000.00	€0.00
	PR	€23,200.00	€0.00
	Sponsoring	0	€34,500.00
Support Total		€93,700.00	€132,500.00
Grand Total		€716,250.00	€725,050.00

Investéieren an d'Zukunft

Déi laangfristeg Erhéijunge beim Revenu erlaben eis et, fir am Budget an d'Zukunft vun den LGS z'investéieren:

Dëst engersäits mat méi groussen Enveloppe fir d'Aaxe Programm a Formatioun, déi mer och generell an de Joren dono wëllen op deem Niveau halen. Anersäits awer och iwwer cibléiert Enveloppen am Support, fir 2025 elo an de Beräicher Kommunikatioun/PR (5 000 € zousätzlech fir Campagnen) an IT (10 000 € fir eng Refonte vun eisem Site) Verband ze moderniséieren an eis an deene Beräicher méi breet opstellen. Natierlech gött och de Fond de croissance vun eise lokale Gruppe mat weideren 2 5000 € alimentéiert a mir investéieren a neit Material zousätzlech 5 000 €. Ausserdeem hu mer eis et och als Zil gesat, weider Sponsore fir de Scoutismus ze begeeschten.

E globale Budget fir de Programm

Fir de Budget hu mer dëst Joer e puer Ännerungen an der Postenopdeelung virgesinn. De Wonsch vun der Programmekipp war et, iwwert d'Branchebudgeten eraus och e gemeinsame Budget fir Programm ze hunn deen d'Programmekipp ka gezielt agesat ginn. Dëst huet zur Iddi gefouert, fir änlech der Formatioun,

ee globale Poste "Programm" an de Budget ze setzen. Dëse Posten setzt sech also folgendermoossen zesummen:

- D'Programmpunkte vun alle Branchen, Ekippen an Aarbeschtsgruppen, déi sech generell solle selwer droen
- Eng Enveloppe vun 250 € fir all Ekipp
- Déi gemeinsam Enveloppe vun 10 000 €

Grouss Projeten am Joer 2025

Soss steet 2025 natierlech de grouse Wëllefcher-scamp um Programm; bei deem budgetär e Chiffre d'affaires vu 400 000 € virgesinn ass. Hei falen am Käschesäit natierlech virun allem Ravi an Infrastruktur an d'Gewiicht. Beim CaraPio-Camp 2026 gi mer dovunner aus, datt och hei schonn éischt Käschten ufale wäerten.



Formatiounsekipp

Dëst Joer hu mir eis am Deel vun der Formatioun op 3 verschidde Punkte konzentréiert.

1. Ausschaffen vun Hand-outs fir d'STIPen

Och wann den STIP vun den eenzelne Branchen gehalen gëtt, war et eis e Uleies, en gemeinsamen Kader ze schafen. Dofir sinn mir d'eenzel Theemen gemeinsam duerchgaangen an hunn fir d'Themen Sécherheet, Roll vum Chef an Elterenaarbecht/Kontakt mat Elteren Hand-outs erstallt déi als Leitfuedem fir d'Branchen déngen.

2. Organisatioun vum STAP

Dëst Joer haten mir eng aussergewöhnlech héich Unzuel un Léit déi hiren 2. Zyklus vun der Formatioun wollten maachen. Fir dëser Demande gerecht ze ginn, haten mir dohier entscheet méi Kandidaten matzehuelen an waren dohier gezwongen eis en aneren Site ze siichen. Mat insgesamt 54 jonken Cheffen an enger ganzer Rei un Staff an den Camp-Cheffen Tija an Sven haten mir schlisslech eisen STAP iwwert d'Péngschtvakanz am Mariendall.



3. Questionnaire an Evaluatioun vun eiser Formatioun zesummen mam SNJ

Als leschten Schwéierpunkt vun dësem Scoutsjoer haten mir eis virgeholl, eng Analyse vun eiser Formatiounsangebot ze maachen. Dofir gouf zesummen mam SNJ eng Ëmfro erstallt, un der bal 500 Léit matgemaach hunn. No der Analys wou mir Stärkten an Schwächen

konnten gesinn hunn mir eis 4 grouss Themen virgeholl, op deenen mir dat nächst Joer wëllen konkret Proposen ausschaffen:

- Ufanksalter vun der Formatioun
- Ofschloss vun der Formatioun
- Flexibilitéit vun der Formatioun • Crash-Cours fir Erwuessener
- Crash-Cours fir Erwuessener

Klick op d'Bild >>

Programmekipp

Mot d'Ordre

Am September gouf dat neit Mot d'Ordre „D'Zukunft gehéiert eis!“ lancéiert. Domat soll fir 2023 bis 2026 de Fokus op d'Participatioun an d'Matbestëmmung an eise Mouvement geluecht ginn. Konkret kann een dat besonnesch an dräi Beräicher liewen: am Grupp, an der Branche, an am Verband. Während de Fokus fir 2023-2024 um Grupp louch, wou d'Participatioun zum Beispill iwwert de Mini-Grupperot gelieft ka ginn, huet d'Programmekipp dru geschafft fir 2024-2025 d'Participatioun an de Branchen z'erhéijen. Dat zum Beispill iwwert Ëmfroen no Aktivitéiten, där der schonn eng jett gesinn hutt, a bei där mer vill Retour kruten. Zum Beispill iwwer 130 fir déi lescht Editioun vum Chefdag (merci dofir!), ma och fir d'Gestaltung vum Thinking Day via Instagram Stories. Déi Ëmfroe ginn an den Ekippen diskutéiert a si wäertvollen Input. Domat wäerte mer weider fueren, a gläichzäiteg mam Volet Participatioun am Verband ufänken.

Aktivitéiten

Nom Chefdag huet d'Programmekipp dermat ugefaang, de Thinking Day konkret ze plangen. Fir en altersgerechte Programm kënnen unzëben, wor dësen 2024 de CaraPio a RaRo virbehalen. Dank der staarker Ënnerstëtzung vun der Ekip Native Village, ma och intressanten Ateliere vun z.B. dem CITIM haten d'Participanten e gelongene Weekend um Neihaischen. Fir déi méi jonk Branche Biber, Wëllef an AvEx gouf e Package ausgeschafft, deen d'Cheffen an hire Gruppen ëmsetze konnten. 2025 wäert de Thinking Day da rëm de Biber, Wëllef an AvEx virbehal sinn.

Chefdag

De Chefdag 2023 war um Kiem, mat tatkräfteger Ënnerstëtzung vum Kiemer Grupp. Déi verschidden Ekippe ware mat Ateliere a Brancheversammlunge vertraueden, ma och externen Organisatioune wéi den Zentrum fir politesch Bildung an Esero ware rëm do. Fir ca. 400 Cheffe wor dat de Startschoss fir d'Scoutsjoer. Vu dass d'Stänn vun den Ekippen, ma och d'Brancheversammlungen am Sondage vill Zousproch kruten, gouf decidéiert déi Form och 2024 bäizehalen.

Method an Annexen

An den Annexe vun de Methode gëtt am Detail beschriwwen, wéi déi eenzel Punkten aus der Method konkret ëmgësat kënnen ginn. 2023/2024 gouf heiru fläisseg weider geschafft, an déi éischt a wichtegst

Annexen si prett fir d'Biber, Wëllef, AvEx a CaraPio. Dat fir d'Beräicher Ekippesystem, Perséinleche Fortschrëtt, Versprieche, Rewarding System a Symbolesche Kader. D'Publikatioun ass fir de September 2024 virgesinn. Doriwwer eraus ass d'Iwwersetzung vun de Methoden amgaangen, an enger éischer Phas op Englesch. Dëst soll am Oktober ofgeschloss sinn.



PR Ekip

Fir d'Joer 2023-2024 hu mir eis e bëssen anescht opgestallt andeems mir mam Max e Commissaire fir d'Public Relations (PR) a mam Basile e Commissaire fir Kommunikatioun hunn. Mir sinn awer weiderhin eng Ekip zesumme mam Ben, Saskia, Mathis a Fränk.

Zum Thema Kommunikatioun maache mir eis de Moment Gedanke wéi mir d'Informatiounen méi séier, méi einfach a méi direkt un eis Leit kréien. Sief dat intern am Verband oder awer och mat eisen externe Partner. An enger éischer Phase hu mir dofir an Zesummenarbecht mat der Géisserei de Verbandsnewsletter ganz liicht ugepasst andeems mir probéieren och iwwert all déi nächst Eventer a Formatioune ze informéieren. Mir si fir all Feedback wëllkomm.

Allgemeng schaffe mir awer och mat der Programmekipp an deenen eenzelne Branchen un der Produktioun vun de Badgen fir de perséinleche Fortschrëtt.

E groussen Deel vun dësem Scoutsjoer ware mir och a Kontakt mam LGS Shop dee vun der LGS ASBL geréiert gëtt. Wichtig Diskussiounspunkte waren a sinn:

- D'Produktioun vun den LGS Foularden
- Neioplage vun der Bestellung fir e Fleece an/oder Jackett fir de Verbandsgrupp. Hei probéiere mir och dës Offer fir de ganze Verband unzëben.

Fir d'Rentrée 2024-2025 wëlle mir mam LGS Shop an zesumme mat dem ganze Verband en neien LGS Polo entwerfen deen een dann herno am Shop ze kafe kritt.

Ekipp Native Village

2023/2024

hate mir 28 verschidde Versammlungen (2022:14) vum Topstaff, Programm, Infra, Ravi,...vun der Ekipp Native Village fir Saison ze plangen. Dëst ass neie Rekord u Versammlungen, mee vill Aktivitéite goufen a klengen Aarbechtsgruppe organiséiert.

Schaffjournée Native Village - 7.10.2023 »

Während dësem Schaffdag gouf Brennholz fir Keltenhaus preparéiert, an Hieselter fir déi sëlleg Schnätzworkshops geschnidden.

Wëldiessen am Keltenhaus -3. - 4.11.2023 »

Och dës Editioun vum Wëldiessen war e gelongene Weekend mat guddem lessen a villen interessante Gäscht, déi eise Projet Native Village ënnerstëtzt hunn. Merci de 40 Staffleit, déi gehollef hunn an deenen iwwert 200 Gäscht, déi op eist Benefiz-lesse kumm sinn.

Preparationsjournée 10th Bealtainefestival - 19.11.2023

Während engem ganzen Dag hunn sech déi eenzel Ekippe wéi Infra, Ravi, Programm an der Géisserei getraff an déi

10. Editioun vum Bealtaine Festival organiséiert. Esou Journéeën erspueren eis eng Partie Versammlungen.

Projet „Neien Dach fir d'Keltenhaus“ - Dezember 2023 »

No bal zwee Joer op der Sich no Finanzpartner fir den neien Dach fir Keltenhaus, konnte mir dëse wichtegen Deel vum Projet am Dezember 2023 ofschléissen. Nieft dem finanziellen Support vun eiser Fondatioun vun den LGS, eise eegene Finanzreserven an Done vun dem Gaasperecher an Duelemer Grupp, ënnerstëtzen eis och eis Partnergemenge Schëtter, Nidderaanwen, Contern a Sandweiler.

De gréisste Support verdanke mir awer der Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte an dem Umweltministère. Duerch all des finanziell Hëllef kenne mir Enn August mat den Aarbechten ufänken. Nieft der benevoller Hëllef duerch Guiden a Scoute wäert Firma ELG Rietdekkers awer de gréissten Deel vun den Aarbechte maachen. Mir sinn zouversichtlech bis Fréijoer 2025 all Aarbechten ofgeschloss ze hunn, sou dass Keltenhaus an de ganze Site Native Village och fir déi nächst Generatiounen u Guiden a Scouten do ass.



Schaffjournée Native Village - 13.01. an 03.02.2024 »

Direkt am neie Joer goufen erëm vill a wichteg Aarbechten an a ronderëm de Site Native Village gemaach, dëst Wärend zwou Schaffjournéeën. Um Programm stoungen: Brennholz fir Keltenhaus an Out-Door Kichen, Elektroaarbechten an der Schmëtt, Fléckaarbechten um Schmiedehummer, Schmiedeaarbechten, an Installatioun vun engem elektresche Keramikewen an der Schmëtt.

Native Village goes to Thinking Day - 24.-25.02.2024 »

Dëst Joer huet Ekipp Native Village ganz aktiv beim Thinking Day gehollef. Et waren dëst Joer iwwert 50 CaraPio a RaRo ,déi Wärend engem ganze Weekend um Neihaischen präsent waren. Zesumme mat der Programmekipp gouf de Thinking Day- Weekend geplangt. D'Ekipp Native Village war responsabel fir de Walking Diner Samschdes owes an den Out-Door Brunch Sonndes, wou all CaraPio a RaRo gehollef hunn. Et goufe vill nei Rezepten ausprobéiert wéi Saumon um Briet; Schichtflesch am Dutch Oven, vegane Lënsecurry an der Gulaschkanoun, Geméis aus der Glous, Kachen an der Gargrouw, Poulet um Holzspieß, Hundred way's to cook an egg, ... Et war eng super Erfahrung fir jiddereen, déi och nach gutt geschmaacht huet.

Working Camp um Site Native Village - 02.-06.04.2024 »

De Working Camp an der Ouschtervakanz ass e festen a wichtigen Datum ginn an onsem Joreskalenner. Et ass e wichtige RDV fir eis, wou mer kleng a gréisser Entrensaarbechten am Keltenhaus an um Site maachen. Hei a kuerzen Iwwerbléck iwwer d'Aarbechten, déi realiséiert goufen: Keltenhaus raumen, Kuelen hierstellen, Brennholz schneiden, Tippien fir Saison opriichten, Preparatiounsaarbechte Bealtainefestival; ...

Opriichten Bealtaine Festival - 11.-17.05.2024 »

Virum Bealtainefestival ass Ekipp Native Village mat ville Mataarbechter mam Opriichte vun eisem gréissten Event am Joer beschäftegt. Fir déi 10. Editioun hu mir nach méi Wäert op Nohaltegkeet geluecht an hunn eng éischte Kéier beim Green Event matgemaach, a groussen awer wichtige Challenge fir Ekipp. 7 Deeg ware mir mam Opriichte vum Festival beschäftegt.

10th internationale Bealtaine Festival - 18.-19. 05.2024 »

Déi 10. Editioun vum Bealtaine Festival war wéinst de Wiederkondiitiounen eng schwiereg an aarbechtsintensiv Editioun, mat vill Improvisatioun a Flexibilitéit. Wat bleift zréck vum Festival 2024? Eng 3.000 Visiteuren hunn trotz Reen de Wee op Neihaischen fonnt, bal 900 Kanner hu bei den Aktivitéite matgemaach,do-



rënner eng 300 Guiden a Scouten, dat beweist déi enk Verbonnenheet mam Festival. Um Programm fir déi Jonk stoungen iwwert 25 verschidde Workshops a Spiller wéi Brout baken am Keltenhaus, Filzen, Stoffstempel, Henna Tattoo, Keramikarbechten, Kräider , Bastele mat Naturmaterialien , Kärzen zéien, Liedermedaillon, Keltesch Schwerter a Schëlder, Bracelet Wiewen, Halsschmuck aus Specksteen, Feieranzünder hierstellen, Holzschnëtzten, See mol, Kräidersalwen hierstellen, Feiertechniken, Bou schéissen, Monkey Trees, Naturspiller, ... A weideren Héichpunkt nieft den Duerstellungen vum iwwert 120 keltesch Reenactors, war Samschdes owes Feiershow mat dem Grupp Opale de Lune vu Paräis. Iwwert 150 Mataarbechter hunn a puer Stonnen, de ganze Weekend, oder iwwert eng Woch um Bealtaine gehollef, ouni des Hëllef kéinte mir de Festival net organiséieren. Merci iech alleguer. Dir waart Super.

Simply ScOUTing „ Fit fir de Summercamp” - 15.06.2024

Während dëser Journée hu CaraPio vum Houwald sech op hire Summercamp virbereet. Um Programm stoungen Theme wéi, wat gehéiert alles a Patrullekëscht, wéi eng Materialie kann ee gebrauchen, an natierlech Kachen um Feier, wou och nei Rezepten ausprobiéiert goufen.

Native Village goes to SAFAB Summercamp “Tuttifrutti” -17.-21. 07.2024 »

Vum 17. - 21. Juli si ronn 72 Biber a Wëllefcher mat hire Cheffe vun Duelem, Kiem, Schëffleng an Esch-Grenz um Summercamp „Tuttifrutti“ um Neihaischen. A flotten a kreativen Ateliern, Spiller, Veillée an Zirkusgala konnten si den Alldag am Zirkus erliewen a selwer ausprobéieren. Den Ofschloss war eng Zirkusgala wou si hir eenzel Zirkusnummern presentéiert hunn. D'Ekipp Native Village huet beim Op/Ofriichte gehollef, sou wéi de Ravitaillement während dem Camp.

Pedagogesch Koffere fir LGS Gruppen »

2023/2024 goufe 57 Demandë fir am ganzen 123 Kofferen ugefrot an ausgeléint. Dëst Joer ware souvill Koffer am Asaz wéi nach ni an de leschte Joren. Während dem Summer huet Ekipp Native Village e Freelance agestellt fir bei de Kofferen ze hëllefen. Leider konnte mir net all Demanden unhuelen, besonnesch während dem Juli waren eis Kofferen, trotz Opstocke vu Materialien ausgebucht. Besonnesch „Escape Spiller“, „Feiertechniken“, „Holzschnëtzten“, „Mat Naturmaterialie bastelen“, „Zirkus“ oder „Teambuildingspiller“ ware vill gefrot.





Ekippen Animatioun Spirituell

Friddenslicht »

D'Aktioun « Friddenslicht » verbennt säit Joren d'Guiden an d'Scouten op der ganzer Welt, an hirem Asaz fir Fridden an Gerechtegkeet. Aus dëser Traditioun eraus, koumen dëst Joer d'Lëtzebuerger Guiden a Scouten mat Kanner a Jugendlëchen aus der Belsch, Frankräich an Däitschland zu Perl zesummen fir e kloert Zeechen vu Fridden, a kulturellem Austausch iwwert d'Grenzen ewech ze setzen.

De 16. Dezember stoungen um Programm, Workshoppe fir déi verschidde Branchen an eng Friddenslichtfeier mat Lichterzug vun der Friddenskapell op der franséischer Grenz.

Mat engem Owendiessen a gemütlechen Zesummesinn am Pompjesbau vun der Gemeng Perl ass dëss impressiounant Aktioun ausgeklongen.

PS-Weekender »

Aus dem Bilanen vun de Leit:

Mat wat fir Erwartunge bass du op de PS-Weekend komm?

- Ech hat keng Ahnung wat mech erwarde géif
- déi méi sérieuxen/spirtuellen Deel vun der Chefformatioun ze léieren
- Ech woussst nët em wat et geet
- keng grouss

Wat huet der gudd gefall ?

- Déi Rou déi ee während dem Weekend fond huet
- „wëssen, gleewen, hoffen“-Atelier, Meditatioun, Guitar owes noom Programm beim Feier,
- dass et gudd dit sech emol op sech selwer ze konzentréieren
- gudd lessen ;o)



Nuetsweekend »

16 zukünfteg Chef waren um 3. PS Week-End dobäi, deen enner der Form vun enger Nuetswanderung vu Jonglénster iwver d'Géisserei (hei gouf moies fréi Kaffi gedronk) bis bei d'Kathedral gefouert huet. Ennerwee op den 23 Kilometer konnten d'Kandidate sech op verschiddene moderéierte Statiounen Gedanken iwver hir zukünfteg Roll als Chef awer och iwver hir ganz perséinlech aktuell Etapp a Wënsch am Liewe maachen.

Sprangpressioun

Trotz Dauerreen a keen Schoulfräi hunn eng 50 Guiden a Scouten sech et net huele geloos fir un der Sprangpressioun deelzehuelen. Mer haten och nees eng flott Guiden/Scouts-Musek zesummekritt, déi eis beim Sprange begleet hunn. Dono hu mer zesumme am Gaart vum Koschter gegrillt.

Erënnerungsfeier »

Am Keltenhaus ronderëm e Lagerfeier an op Statiounen am Bësch hu mer eis zu 85 aktiv a fréier Member a Famillen un am Joer 23/24 verstuerwe Guiden a Scouten erënnert.

„Wat mer flott es mat hinnen erliewt hunn, wat si bei den LGS lokal an national gelescht hunn, wat mer dovu weiderféieren, wat mer vun hinnen geléiert hunn, ...“

Spiri fir Kids »

„Spiri fir kids“ ass e Projet vun der EAS, wou Guide/Scoutsfamillen sech a reegelméissegem Ofstänn, mat hire Kids/Teenies treffen, fir zesummen en Dag an der Natur ronderëm e Bibeltext ze erliewen.

Dëst Scoutsjoer hu 16 Famillen (39 Kanner/Jugendlecher a 34 Erwuessener) un onsen Treffen deelgeholl. 6x si mir zesummekomm fir op ennerschiddleche Plazen an der Natur eng biblesch Geschicht nei ze entdecken. Doriwwer eraus hu mir als Grupp gehollef d'Wëllefandacht an der Kathedral, an d'Friddenslicht zu Schengen ze animéieren, a mir hunn un der Sprangpressioun deelgeholl. Op Christihimmelfahrt hu 4 Kanner am Keltenhaus hir éischt Kommunioun gemaach.





Biber Ekipp

1. STIP Deel 1 an 2 »

Vum 28-30 Oktober waren 33 Biber- a Wëllefcherschef:tainen um Neihaischen fir um 1 Deel vum Stip deelzehuelen.

Niewent dem Methodendag stoungen ënner anerem Sessioune ronderëm d'Spill, d'Naturpedagogik, d'Nohal-tegheet a Safe from Harm um Programm. Samschdeg owes si mir während enger ofwiesslungsräicher Veillée an d'Welt vum Super Mario agedaucht.

Vum 20. bis den 21. Abrëll ware 34 Biber- a Wëllefcherschef:tainen um Neihaischen fir um 2. Deel vun hirer Formatioun (STIP) deelzehuelen.

No engem flotten Austausch a super Stëmmung, kënnen eis Kandidaten elo nei Iddie fir Veilléeën, nei Outdoor Rezepten, naturpedagogesch Aktivitéiten a Scoutstechniken mat an hire Grupp huelen.

BiberMud »

Den 11. Mee hunn sech ronn 200 Biber an hir Cheftainen a Cheffen um Stauséi getraff fir e flotten Dag zesummen ze verbréngen.

Bei beschtem Wieder hunn d'Biber um Rallye hiert Kënnen ënner Beweis gestallt fir dem Biber a senge Frënn ze hëllefen d'Schatzkëscht aus dem Séi ze fannen.





Wëllefchers-Ekipp

STIP Deel 1 an 2 »

Vum 28-30 Oktober ware 33 Biber- a Wëllefcherschef um Neihaischen fir um 1 Deel vum Stip deelzehuelen.

Niewent dem Methodendag stoungen ënner anerem Sessioune ronderëm d'Spill, d'Naturpädagogik, d'Nohaltgkeet a Safe from Harm um Programm. Samschdeg owes si mir während enger ofwiesslungsräicher Veillée an d'Welt vumSuper Mario agedaucht.

Vum 20. bis den 21. Abrëll ware 34 Biber- a Wëllefcherschef:tainen um Neihaischen fir um 2. Deel vun hirerFormatioun (STIP) deelzehuelen.

No engem flotten Austausch a super Stëmmung, kënnen eis Kandidaten elo nei Iddie fir Veilléeeën, nei Outdoor Rezepten, naturpedagogesch Aktivitéiten a Scoutstechniken mat an hire Grupp huelen.

Wëllefchersrallye »

Den 28. Abrëll hunn sech eng 800 Wëllefcher an 175 Chef aus dem ganze Land getraff fir um Nationale Wëllefchersrallye géinteneen unzetrieden.

D'Wëllefcher hunn op engem Trëppeltour moies an mëttes um Site vun den 3 Eechelen op insgesamt 8

Statiounen hir Kreativitéit, Fantasie, Geschécklechkeet, Wëssen an Teamwork gefuerdert.

Mir soen den Centser Guiden a Scoute villmools Merci fir d'Organisatioun.

Andacht »

De 4. Mee hunn sech eng ronn 40 Wëllefcher mat der Ekipp vum Spiri fir Kids an der Stad getraff. Si konnten a verschidde Workshope matmaachen an e bëssen d'Atmosphär vun der Oktav schnupperen.

Naturdag »

Den 15. Juni 2024 hu 16 Ruddelen de Wee bis op Dikrich op den Naturdag fonnt!

Hei konnte ronn 220 Wëllefcher a verschiddenen Ecker Natur (nei) entdecken: vu Stockbrot um Feier maachen, eegenen Kraiderbotter resselen, de Monkey Tree roppklammen, gemittlech an den Hängematten raschten, bei enger Fantasierees rofkommen, schnëtzen, een eegent Flooss bauen oder einfach duerch de Bësch lafen, wor alles dobäi!





Avex Ekipp

STIP Avex »

Mëtt Abrëll huet d'Avexekipp de Stip zum Thema Lego um Neihaischen organiséiert. 16 Kandidaten hunn um 1. Zyklus vun der Formatioun deelgeholl. Während deene 5 Deeg hunn d'Kandidaten nei Iddien a Konzepter am Beräich vun de Scoutstechniken, Animatiounstechniken, Kreativitéitstechniken oder och zur Avex Method erschafft a kennegeléiert an kënnen dës elo an hiren Truppen ëmsetzen.

Nuetsrallye »

E Samschdeg, de 27. Abrëll 2024 war den traditionellen Nuetsrallye fir d'Avex. Ronn 250 Avex aus dem ganze Land hunn de Wee op Rodange fonnt fir bei gudde Laun em déi éischt Platz ze spillen. Nieft engem flotte Wee ronderëm Rodange konnten d'Ekipp bei 4 Spiller an engem Quiz hiert Kënnen ënner Beweis stellen.

AbsurdCup »

Samschdeg, den 8 Juni hunn sech ronn 200 Avex op der Kockelscheier getraff fir den traditionellen AbsurdCup. Bei sonnigem Wieder hunn d'Avex während dem ganzen Dag hiert Kënnen bei verschiddene Spiller an bei engem Quiz ënner Beweis gestallt.





CaraPio Ekipp

STIP CaraPio »

7 Kandidaten hunn den STIP vum 27. bis den 31. Oktober matgemaach. Während engem Camp volant hunn si Scoutstechniken, d'Methode a villes méi geléiert.

Nuetsfunkraid »

Am Januar 2024 war zu Bilschdref nees den traditionelle CaraPio Nuetsfunkraid.

Um Programm stoungen:

- Crashcours an der Orientatioun (Kart a Kompass)
- Crashcours an der Funk-Kommunikatioun.
- Orientéierungslaaf bei all Wieder duerch d'Land.
- Gruppenchallenge a klengen Ekippen
- Een Erlefnis wat sécher hänken bleift!

Ironchef »

12 Chef:tainen sinn den Tour Klierf-Ouren-Dasbourg-Housen-Klierf getrëppelt.

6 vun 12 Chef:tainen sinn déi ganz 65 km gaangen.

Et war e gudden Testlaf fir den Iron Scout, well et e puer Weeër gi sinn, déi zou waren.

Ironscout »

Vun 12. bis den 14. Abrëll hunn 116 CaraPio a RaRo um Iron Scout hir kierperlech Limite getest a sinn iwwert sech selwer erausgewuess an deem se 24 Stonnen Zäit hate fir 65 km ze trëppelen.

Si konnten sech pro getrëppelte Kilometer sponsore loossen. Esou konnten dann och knapp 20.000 € gesammelt ginn déi un d'Associatioun Trisomie 21 ginn.

JoCaPi »

De 5. Mee hunn d'Diddelenger Guiden a Scoute St. Jean op d'JoCaPi (Journée CaraPio) invitéiert.

Eng 120 CaraPio aus dem ganze Land hunn ënnert dem Thema „Wo ist Waldo?“ en aktiounsräichen Dag erlieft. E grouse Merci! och un eise Chef Scout Guillaume, deen dësen Dag mat eise CaraPio verbruecht huet a selwer bei den Aktivitéite matgemaach huet.

Felicitatiounen un d'Guiden a Scouten Nidderaanwen déi d'JoCaPi nächst Joer organisieren.



Gruppenekipp

GC-Formatioun »

Den 22 bis den 24 Mäerz huet Gruppenekipp fir 19 Kandidatinnen a Kandidaten eng Formatoun ugebuede fir kenne Gruppechef/taine ze ginn. Vun Kommunikatioun bis wei bereeden ech meng Successioun fir war alles Wichteges dabei. Kandidatinnen a Kandidate sinn elo Schrëtt méi no fir hire Grupp kennen ze ënnerstëtzen an ze leeden. Mir als Ekipp hoffen dat si nach laang des Roll an hirem Grupp iwwerhuelen an doru Freed fannen.

Rencontre Juni 2024 »

Méi wéi 20 Gruppecheffen hunn sech de 16. Juni zu Housen versammelt, fir un der Gruppechef-Rencontre deelzehuelen. An Ekippe vun zwou Persoune gouf e Petanque-Tournoi organiséiert, bei deem all Ekippe géintenee gespillt huet. Während all Match sollt nieft dem Petanque-Spill och iwwert eng Fro zur Formatoun

nogeduecht ginn, an d'Äntwerte goufen op engem Padlet notéiert. Dës Froe sollten de Questionnaire vun der Formatounsekipp bei verschiddeenen Aspekter verdéiwen, fir dass d'Gruppenekipp net nëmme hir Meenung, mee eng méi global Meenung vun de Gruppecheffen erfaasst, an dës Iddien an zukünfteg Diskussiounen matgeholl ginn.

Nom Tournoi an enger spannender Final huet de Grupp Housen-Houschent e grouse Buffet opgeriicht, wou jidderee seng eege Pizza konnt preparéieren, ier se an den Uewe koum.

Mir soen alle Gruppecheffe Merci, déi de Wee op Housen fonnt hunn, fir zesammen e flotten a produktive Virmëtteg ze verbréngen.



International Ekipp

LGS Kongress a Chefdag 2023 - Kiem

D'Ekipp war um Kiem gutt vertraueden. Um Kongress gouf eise neien internationale Kommissär de Max Ternes offiziell ernannt. Um Chefdag hate mir och e Stand op dem mer d'Aarbecht vun der Internationaler Ekipp presentéiert hunn.

Ausserdeem hu mir en Atelier ugebueden zum Thema wéi een, en internationalen Camp am beschte plangt.

Jota-Joti 2023

Dése Weekend hunn eng 2 Milliounen Scouten aus 171 Länner um „Jamboree On The Air“ an um „Jamboree On The Internet“ (JOTA-JOTI) deelgeholl, dëst ass dat gréissten Event vu WOSM, wou ee e flotten internationalen Austausch kann hunn.

LGS International Ekipp Weekend - Adelboden - 15-17/12/2023

Dës Kéier war eise järeche Teambuilding Weekend an der Schwäiz am Weltzenter Our Chalet vu WAGGGS. Niewend enger Wanderung lanscht Engstligen Wasserfäll an dem Blausee, hu mir awer och fläisseg un Guidelines fir eis nächst international Eventer geschafft. Et war ee produktive Weekend mat super Wieder a leckerer schwäizer Fondue.

1. 53. DSK - Eupen - 01-03/03/2024

Dëst Joer war déi däitschproocheg Konferenz zu Eupen an der Belge, organiséiert vun Les Scouts. Hei ware mir mam Jennifer a mam Jackie vertraufen. Si hu flott 3 Deeg verbruecht wou ee gudden Austausch mat deenen anere Verbänn stattfonnt huet. Samsdes moies stunge verschidde Workshops zum Thema Natur um Programm an den Austausch ënnert den ICen vu WAGGGS a WOSM.

Duerno goug et weider op eng Wanderung an Naturschutzgebidd Hoes Venn, wou mir vill intressant Saache vum lokale Fierschter erkläert kruten, a souguer ee Biber gesinn hunn. Sonndes si mir Neiegkeeten aus deenen anere Verbänn gewuer ginn. Duerno stoug nach eng Diskussiounsrond mat deenen 2 Däitschproochege Kandidaten fir de WOSM Weltcomité um Programm.

WOSM European Agora - Schweden - 3-07/04/2024

Ufank Abrëll hu mir zwee RaRo op d'WOSM's European Agora a Schweden op Göransborg geschéckt. D'Laura an de Misch hate während 5 Deeg e flotten an interkulturellen Echange iwwert verschidde Roveraktivitéiten aus ganz Europa. D'Ses-sioune gongen iwwer Youth empowerment, Team management a project planning.

Dat besonnescht un der Agora ass, dass et vun Rover fir Rover gemaach ass. Si hunn hei net nëmmen Scoutserfahrungen gesammelt, mee och Erfahrungen, déi wäertvoll ausserhalb vun de Scouten sinn. Déi ganz Agora war am Kader vum WOSM „Earth Tribe“ mam Motto „Spreading the Seed“.

Mir soen dem Laura an dem Misch Merci, dass si bereed waren d'LGS - Lëtzebuerger Guiden a Scouten op dësem Event ze verrieden.

Roverway2023 Contigent Prepa Weekend 3-14/04/2024

Eis 95 Participanten an ISTen haten sech am Virfeld zum Roverway am Abrëll zu Mamer getraff. Hei haten si Chance, sech an hirer Patroll kennenzelieren, Villes iwwert de Camp an déi verschidde Paths gewuer ze ginn an einfach Spaass mat hiren Kollegen ze hunn. Scoutstechnike goufen dunn och nach an engem flotten Nuetsspill ënner Beweis gestallt.

IC Forum - Prag - 14-16/06/2024

Am Juni war de Max als Virbereedung fir d'WOSM Weltkonferenz op den IC Forum zu Prag. Hei gouf mat allen aneren europäeschen ICen net nëmmen iwwert Motions a Weltcomité Kandidaten diskutéiert, mee och d'Kultur kennengeléiert an nei Frëndschaften geschloss.

Roverway 2023 - Norwegen - 21/07-02/08/2024

Fir 95 Participants an 4 IST goug et dëse Summer op den Roverway zu Stavanger a Norwegen. Um Roverway verbréngt een den éischten Deel vum Camp op sougenannten Paths. Hei ass ee mat senger Patroll mat aneren Patrullen aus aneren Länner

gemëscht an et ass een op enger bestëmmten Plaz a Norwegen an verbréngt do déi éischt 5 Deeg vum Camp. Eis Patrullen sinn énnert anerem Seegele gangen, Gletscher Hike, Kanu fueren, an hunn déi eenzegaarteg Norwegen Landschaften a Kultur kennengeléiert. No de Paths ass et du weider op den Main Camp zu Stavanger gangen. Hei gouf et niewend sëllechen Aktivitéiten och een International Day, wou si all deenen aneren europäeschen Länner déi Lëtzebuergesch Kultur konnten méi no bréngen. Nom Camp ass et fir 32 Participanten an ISTen nach weider op eng Norees gaangen. Dës war a Form vun engem Interrail vun Oslo zréck op Lëtzebuerg, mat Tëschenstop zu Copenhagen an zu Hamburg.

43rd WOSM World Scout Conference - Kairo - 17-23/08/2024

Dëst Joer ass WOSM Weltkonferenz an Ägypten zu Kairo. Hei gi mir vun eisem IC WOSM dem Max, eisem Young Delegate dem Maxime vertrueden. Hei kommen 174 Länner zesumme fir den neien Weltcomité vu WOSM ze wäelen, an och fir déi nei Strategie an Ziler fir déi nächst 3 Joer ze wäelen. Et si flott awer intensiv Deeg mat villen Diskussiounen, Austausch an internationalen Frëndschaften.

Spezielle Remerciement

Ee ganz grouse Merci un d'Jennifer, dat no 4 Joer als IC WAGGGS a Member vum Verbandscomité leider ophält, well hatt wéinst der Aarbecht souzesoen op déi aner Säit vun der Welt geplënnert ass. Jennifer huet an deenen 4 Joer probéiert de Programm a Valeure vu WAGGGS den LGS méi no ze bréngen an huet domat virun 3 Joer d'Event vum World Thinking wéi mir et elo bei den LGS feieren an d'Liewen geruff. Hatt huet och op 2 Weltkonferenzen an 1 Europakonferenz LGS super bei WAGGGS vertrueden. Ausserdeem war hatt am Contingent Management Team vum Jamboree a Korea an dem Roverway a Norwegen, domat d'LGS och op deenen groussen internationalen Eventer konnten dobäi sinn. Vläch gi mir d'Jennifer jo op der WAGGGS Weltkonferenz 2026 am Kambodsch erëm. Wien d'Relève iwwehëlt, muss nach decidéiert ginn.



Aarbechtsgruppen

AG Nohaltegkeet

Nohaltegkeetsdag

Am November huet den zweeten Nohaltegkeetsdag vun der Aarbechtsgrupp Nohaltegkeet stattfonnt. Organiséiert gouf e flotten Ausfluch op Veiane fir intresséiert RaRo, Chef an Albatross. Niewend enger Visitt vum Pompspäicherkraaftwierk stungen intressant Virträg zu erneierbaren Energien um Programm. Mir soen der Verantwortleche vun der SEO, Soler an Enovos villmools Merci fir déi vill Zäit déi si sech fir eis geholl hunn.

Second Hand

Och dëst Joer huet um 2. Second Hand vun den LGS erëm ganz vill Scoutsmaterial, Kleeder an Uniformen an neie Besëtzer fonnt. Duerch de Verkaf vu Saachspenden a vun de Fundkisten vu verschiddenen Campen, konnte mir souguer en Don vun 150€ fir e Gudden Zweck maachen. Mir si frou datt dësen Event sou gutt ugeholl gëtt a freeën eis schonn op déi nächst Editioun. eierbaren Energien um Programm.

Mir soen der Verantwortleche vun der SEO, Soler an Enovos villmools Merci fir déi vill Zäit déi si sech fir eis geholl hunn.

Checklëscht fir nogalteg Aktivitéiten an Affiche Grénge Zweig

Mir kruten direkt op puer Plazen d'Méiglechkeet eis Checklëscht souwéi d'Affiche virzestellen. Sou ware mir um Chefdag, op der Gruppechefrencontre an um STAP fir d'Participantën ze informéieren. En neie Layout huet eis Checklëscht ausserdeem méi attraktiv gemaach. Mir sinn och frou datt ëmmer méi Ekippen d'Checklëscht an allgemeng d'Nohaltegkeet an hir Formatiounen abannen.



AG Archiven & Recherche

Ziler

Den Aarbechtsgrupp (AG) huet sech d'Zil gesat, déi 100-järeg Geschicht vun den LGS ze erhalen a fir e breede Publikum zougänglech ze maachen. Seng Roll ass et d'LGS-Archiven ze duerchsichen, ze reorganisieren, ze konservieren an z'ergänzen, fir den LGS ze hëllefeng „Mémoire collective“ opzebauen.

Den Aarbechtsgrupp

Den AG ass am leschte Joer daitlech gewuess a besteet aus fréiere Guiden a Scouten, déi d'Geschicht vun den LGS gutt kennen oder Wëssen hunn am Ëmgang mat historeschen Dokumenter, Fotoen oder Zäitschrëften, mat digitalen Technologien oder Fuerschung. De Grupp ass opgedeelt an dräi Ënnergruppen, déi all an hirem Fachberäich schaffen: 1. Dokumenter, 2. Medien (Fotoen an Zäitschrëften), 3. Fuerschung.

Archivéierungsprozesser

Eng éischt Aufgab vum AG ass d'Bestandsopnam vun Dokumenter, Fotoen a Publikatiounen: d.h. Material kucken, dat an den Archiven ass, sortieren, beschreiben, deelweis digitaliséieren a katalogiséieren. D'Zil ass all Material an der Augias Software opzehuelen, wouduerch d'Materialie fir e méi breede Publikum zougänglech ginn. D'Ënnergrupp Dokumenter huet a senge wéchentleche Reuniounen 450 Archivboxen iwwerpréift an inhaltlech zesummegefaasst. Den Ënnergrupp Medien trifft sech all Woch fir Fotoen an Diaen ze iwwerpréieren, ze beschreiben an ze katalogiséieren. Zäitschrëfte ginn iwwerpréift, katalogiséiert an, wann néideg, gebonnen. All Prozesser vun der Archivéierung ginn an engem Handbuch opgeholl, dat d'Grundlag vun der Archivéierungsarbecht soll ginn.

Fuorschungsaktivitéite

Den Ënnergrupp Recherche huet mat Hëllef vu Publikatiounen en éischte Projet iwwer d'Entwécklung vu verschiddenen Themen a Konzepter beim BP a spéider am Verband vun den LG, LS an LGS gemaach: ënnersicht goufen Themen „Charakterformatioun an hir Narrativen“, „Fraen a Co-Educatioun“, „Engagement a Participatioun“, „Missionarismus an Internationalitéit“. Fir Lücken an der Geschicht vun den LGS ze schléissen an och d'Wësse vun Zäitzeien ze erhalen, interviewt de Fuerschungsgrupp fréier laangjäreg Guiden a Scouten, déi eng Funktioun an engem Verband haten iwwer hir Erënnerungen an Erfarungen.

Zesummenaarbecht

Den AG hat Kontakt mat Archivisten aus den Nationalarchiven an der Stad Lëtzebuerg fir eis ze beroden,

wéi mir virginn. Mam CNA besteet Kontakt, fir Fotoen an Diaen ze digitaliséieren. Mat der Nationalbibliothék kucke mir fir Publikatiounen déi feelen ze ergänzen. Mir hu mat Branchenresponsabeler a mat den administrative Commissaire geschwat, fir eng Struktur ze schafen, mat där och aktuell Dokumenter kënnen archivéiert ginn. Mir sinn am Kontakt mam Programmcommissaire fir eng Dokumentatioun zum aktuelle Mot d'ordre auszeschaffen. Mam Team ass den AG am konstanten Austausch iwwer d'Virgoensweis.

Resultater an Implikatioune

Eis Fuerschung iwwer de BP gouf a verschiddene Formatioune benotzt (Gilwell 2023 a STAP 2024). Fundstécker aus den Archive gi reegelméisseg op eiser eegener Facebook Säit publizéiert. Um Chefdag presentéiere mir eis Aarbechten de Chef. Am Kader vum Opschaffe vun den Dokumenter am Archiv goufe Lëschte vun de lokale Gruppen a Leit mat enger Funktioun am Verband opgestallt. Mir hunn e Bréif opgestallt fir fréier Commissairen ze kontaktéieren a si gefrot fir eis hir Dokumenter zur Verfügung ze stellen, fir d'Archiven ze vervollständigen.



Zukünfteg Projeten

D'Aarbechten an den Ënnergruppe wäerte weidergoen, mat engem weidere Grupp, deen sech ëm d'Schafe vun enger physischer an digitaler Bibliothék mat wichtege Publikatioune këmmert. Ee Member vum AG wäert sech och intensiv ëm d'Memorabilia (z.B. Ofzeechen, Fändelen, Foularden, Uniformen, Konschtgéigestänn) këmmern. E Fuerschungsprojet iwwer Demokratie a Participatioun bei den LGS ass gestart. D'Aarbecht am Handbuch geet weider an et ginn Iwwerleeungen, wéi och lokal Gruppe bei der Schafung vun Archiven ënnersetzt kënnen ginn.



AG Safe from Harm



Am Scoutsjoer 2023/2024 war d'Ekipp Safe from Harm, wei di Jore virdrun op verschiddene Niveauen aktiv: Verband, Branchen, Gruppen an och op individuellem Plang. D'Missioun vun all dësen Interventiounen ass d'Wuelbefanne vun all eise Memberen ze garantéieren.

Am Kader vum Dossier „Richtlinn fir den Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen“, de lëscht Joer an Zesummenaarbecht mat der FNEL an der Cnapa (Centre National de Prévention des Addictions) fäerdeg gestallt ginn ass, hu mir am November 2023 fir zweete kéier eng Formatioun zesumme mat der Cnapa ugebueden.

Zousätzlech zu dem Dossier an de Formatiounen zum Thema „Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen“ gouf e pedagogesche Koffer mat Preventiounsmaterial ausgeschafft an dëst Joer fäerdeg gestallt. De Koffer steet den interesséierte Chef:tainen ab dësem Joer zur Verfügung a ka wi all anere Koffer an der Chefbox reservéiert ginn. Dëse Koffer ass de Chef:tainen um Chefdag, um Stap a virun allem während der Formatioun mat der Cnapa, mat hirem Inhalt an hiren Asazméiglechkeete virgestallt ginn. Nodeems een als Chef:taine d'Formatioun mat der Cnapa oder eng kleng Aweisung mam Liz (Permanent an der Géisserei) gemaach huet, kann een sech dëse Koffer ausléinen, fir d'Thema mat senge Jonken op eng interaktiv Manéier ze beschwätzen. Och fir d'nächst Scoutsjoer ass eng weider Formatioun mat der Cnapa geplangt.

Ufank des Joers 2024 hat Safe from Harm eng Formatioun fir d'Branchen-Ekipp-Memberen ugebueden. Bei dëser Formatioun sinn all Beräicher vu Safe from

Harm behandelt ginn. Zil war et Multiplicaturen ze schaffen, déi als direkten Uspriechpartner fir hier jeeeweileg Branche fungéiere kënnen. Well d'Formatioun och e wäertvollen Echange tëschent de verschiddenen Ekipp war, ass festgehale ginn, sech ee mol am Joer ze treffen, fir zech zum Thema Wuelbefanne bei den LGS up ze daten an auszetauschen.


Lëscht Joer huet WOSM en Auto-Evaluatiouns-Dokument eraus ginn, mat dem sech all Member-Verbänn vu WOSM selwer evaluéiert hunn, fir ze weisen a wei weit si d'Virschreft vu WOSM a Punkto Safe from Harm, bis elo erfëllen an ëmsetzen. Des Evaluatioun huet gewisen, dass mir um gudde Wee sinn. Et ginn awer och nach eng Rei Punkten un deenen an deenen nächste Jore geschafft musse ginn, fir d'Virschreft vu WOSM ze erfëllen. Momentan si mir hei am gaangen un engem Code of conduct an enger Method zum Background-check vun LGS-Memberen ze schaffen. Geplangt ass des Theme mat op de Chefdag ze huelen, fir des mat de Chef:tainen ze beschwätzen an hier Iddien an hire Feedback ze héieren.

D'Ekipp war dëst Joer och erëm op verschiddene nationale Formatiounen aktiv, wei um administrativen Dag an um Stap.

Dëst Joer ware mir och erëm a verschiddene lokale Gruppen intervenéiert. Dës Interventiounen ware ganz ënnerschiddlech: Ufroer fir Mediatiounen, Berodung, Orientéierung an Dispatching u professionell Servicer, Signalementer an Interventiounen während de Summercampen. Zousätzlech goufen et och erëm vill Telefonater, bei deenen betraffe Leit eng Confirmatioun oder e Rot wollte kréie wéi se sech an enger bestëmmter Situatioun verhandle sollten.

Wann dir och eng Fro, e Rot oder eng Confirmatioun ronderëm Thema Wuelbefanne sicht, da mellst iech gäre bei eis. D'Ekipp ass ënner follgenden Emailadressen ze errechen:

D'Ekipp ass ënner follgenden Emailadressen ze errechen: sfh@lgs.lu; safefromharm@lgs.lu



Verbandsrot

An dësem Guiden- a Scoutsjoer si mir 4 mol zesummekomm. Wéi all Joer war dat am Oktober, Januar, Abrëll an am Juni.

Mam neie Mandat vum Team, huet och de VR verschidde Poste missen nei besetzen. Esou ass et dem VR seng Roll den Ombudsrot an den Eiererot ze komplettéieren respektiv wann noutwenneg, nei ze besetzen. Genausou sinn d'Keesereviseuren, déi aus de Reie vum VR kommen, bestëmmt ginn.

An senger Reunioun mécht deem Team och ëmmer e Réckbléck op déi lescht Méint, genausou wéi en Ausbléck. Hei kréien d'Membere vum VR dann och nach, wa gefrot, Zousazerklärungen.

Nei vun dësem Joer un ass, datt den Admin.-Commissaire permanenten Invité am VR ass, dëst op Propose vum VR, well esou vill Froen relativ direkt a séier beäntwert kënne ginn.

Dem VR seng Roll ass et natierlech och d'Statuten an d'Reglementer am A ze halen. Esou hu mir dëst Guiden- a Scoutsjoer verschidde Reglementer iwver d'Unerkenne vun SNJ-Formatiounen, Iwwerschreiw vun Ernennungen, Chefennennungen a Formatioune op de Leescht geholl.

D'Team an den Admin.-Commissaire hunn de VR och ëmmer nees op de leschte Stand vun der ganzer ASBL-Geschicht bruecht, eng Saach wou och vill driwwer diskutéiert ginn ass.

An senger leschter Reunion vum Guiden- a Scoutsjoer ass dann zum gréissten Deel de Kongress- a Chefdag um Programm gewiercht. Hei geet et drëms, d'Formaliteiten ze klären an dee ganzen Oflaf ze diskutéieren a gutt ze heeschen.



Barque Intercommunale à Luxembourg S.A., 69, route d'Esch, L-2953 Luxembourg B - 4307, (+352) 4500-5000, bil

À vos côtés

Pour réaliser vos rêves, nous sommes disponibles pour vous conseiller.

www.bil.com/agences



Lëtzebuenger
Guiden a Scouten

